PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/04/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Op der Collectrice vu Péiteng a Richtung Käerjeng ass schonn zënter Méint ee Schantjen, bei deem scheinbar keng Avancë gemaacht ginn. Et handelt sech heibäi ëm de Streckenofschnëtt vun der Avenue de l'Europe, déi an der Péitenger Gemeng tëscht de Weiere verleeft. Vu dass et sech ëm eng Nationalstrooss handelt, ass de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Baute fir dëse Streckenofschnëtt zoustänneg.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- 1. Wéi eng Aarbechten sinn um genannte Streckenofschnëtt virgesinn?
- 2. Op wéi engem Dag ass dëse Schantjen opgaangen? Bis wéini ass d'Fäerdegstellung vun den Aarbechten geplangt?
- 3. Sinn d'Aarbechten op dësem Schantje schonn ugefaange ginn? Falls jo, wéi eng Aarbechte si bis elo, ausser der Markéierung vun der Fuerbunn, bewältegt ginn? Falls nee, wéi eng Grënn verzögeren den Ufank vun den Aarbechten um Schantjen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député